SÉANCE 48

MERCREDI,
15 JUILLET 2015

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Dépôt d'une motion par M. Henri Kox

- *M. Henri Kox*

3. 6689 - Projet de loi

a) concernant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) n°528/2012 du Parlement européen et du Conseil du 22 mai 2012 concernant la mise à disposition sur le marché et l'utilisation des produits biocides;

b) relative à l'enregistrement de fabricants et de vendeurs;

c) abrogeant la loi modifiée du 24 décembre 2002 relative aux produits biocides

- *Rapport de la Commission de l'Environnement: M. Gérard Anzia*
- *Discussion générale: M. Laurent Zeimet, M. Roger Negri, M. Max Hahn, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Camille Gira, Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

4. Ordre du jour

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

5. Motion de M. Henri Kox relative à l'invitation du Gouvernement à insister auprès des autorités françaises pour qu'elles respectent la législation sur l'environnement, notamment la directive européenne EIE

et

- *Exposé de la motion: M. Henri Kox*
- *M. Marco Schank (pose sa question)*
- *Discussion générale: M. Max Hahn, M. Roger Negri, M. Claude Wiseler (intervient au sujet de la question), M. Gast Gibéryen, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Camille Gira, Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures*
- *Vote sur la motion (adoptée)*

6. 6773 - Projet de loi portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale et modifiant

1) la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d'un Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques b) la création d'un Centre de Gestion Informatique de l'Éducation c) l'institution d'un Conseil scientifique,

2) la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques,

3) la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental,

4) la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental,

5) la loi modifiée du 12 mai 2009 portant création d'une École de la 2e Chance,

6) la loi du 15 juillet 2011 visant l'accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers,

7) la loi du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État,

8) le Code de la sécurité sociale,

et abrogeant la loi modifiée du 21 mai 1999 concernant la fonction de candidat dans les carrières enseignantes de l'enseignement postprimaire

- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Lex Delles*
- *Discussion générale: Mme Martine Hansen (dépôt d'une motion et de deux amendements), M. Gilles Baum, M. Claude Haagen (intervention de M. Claude Wiseler), M. Claude Adam (Mme Martine Hansen pose une question), M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (interventions de Mme Martine Hansen, Mme Octavie Modert, M. Serge Wilmes et M. Claude Wiseler)*
- *Votes sur les amendements 1 et 2 (rejetés)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *Motion 1: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Mme Martine Hansen (motion renvoyée en commission)*

7. Discours de M. le Président

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Claude Meisch, Ministre; M. Camille Gira, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech maachen d'Sëtzung heimat op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen, Här Statssekretär?

M. Camille Gira, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Neen, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Ech hunn eng Wuertmeldung vum Här Kox.

M. Henri Kox *(déi gréng).*- Fir den Dépôt vun enger Motioun, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Okay.

2. Dépôt d'une motion par M. Henri Kox

M. Henri Kox *(déi gréng).*- Merci, Här President. Ech wollt am Numm vum Max Hahn, Henri Kox an dem Roger Negri eng Motioun déposéieren, fir déi ech awer, mengen ech, och d'Zoustëmmung vun anere Parteien heibannen wäert kréien. Et geet ëm d'Lager zu Bure, d'radioaktiivt Lager. Et ass net esou, dass dat genehmegt ginn ass, mä d'Prozedur ass vun der Assemblée nationale geännert ginn, soudass mir fäerten, dass et eng ëffentlech Prozedur net méi esou wäert ginn. A mir hu profitéiert dovun, dass de Statssekretär de Mëtten hei ass, soudass mer och direkt kënnen dozou Stellung huelen, soudass jiddwer Partei herno zum Inhalt awer och dann eng Äntwert vum Här Statssekretär kréich.

Merci.

Motion

La Chambre des Députés,

considérant

- que le projet «Cigéo» (Centre industriel de stockage géologique) est le projet français de centre de stockage profond de déchets radioactifs, conçu pour stocker les déchets hautement radioactifs et à durée de vie longue;

- que la France a retenu le principe du stockage profond par une loi de 2006 comme seule solution sûre à long terme pour gérer ce type de déchets;

- qu'un laboratoire de recherche sur le stockage souterrain fut implanté dans la commune de Bure dans le département de la Meuse, à proximité du Luxembourg;

- que l'ANDRA (Agence nationale pour la gestion des déchets radioactifs) avait conclu que le site était adapté au stockage en profondeur et avait annoncé la demande d'une autorisation à l'horizon 2017 pour passer du stade de laboratoire à celui de centre «Cigéo» définitif;

- qu'une procédure de débat public a eu lieu en 2013 sur le projet de l'ANDRA et que les Gouvernements du Luxembourg et des Länder allemands de Rhénanie-Palatinat et de la Sarre avaient collaboré pour émettre des avis critiques;

- que l'Assemblée nationale a approuvé le jeudi 9 juillet, dans le cadre du projet de loi appelé «Macron», des amendements qui modifient la procédure pour la mise en place du projet «Cigéo»;

invite le Gouvernement

- à insister auprès des autorités françaises pour qu'elles respectent la législation sur l'environnement, notamment la directive européenne EIE;

- à se concerter avec les partenaires de la Grande Région pour que le projet soit instruit en toute transparence et en collaboration avec les pays et régions voisins.

(s.) Henri Kox, Max Hahn, Roger Negri.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Kox. Ech wëll och just soen, dass den Här Schank dozou gëschter eng Question parlementaire agereecht huet. De Statssekretär huet mech wësse gelooss, dass e bereet wär, haut op d'Motioun nach anzegoen. Ech géif awer bieden, dass mer do dertëschent elo Raum loossen, fir dass déi eenzel Fraktioune kënne Kenntnis huele vun där Motioun. An ech géif dann herno nach eng Kéier d'Fro stellen, ob den Accord do ass, fir déi am Laf vun der Réunioun nach ze behandelen.

Dat géif vläicht och dem Statssekretär d'Geleeënheet ginn, fir op déi vum Här Marco Schank opgeworfe Froen ze äntwerten, vu dass déi Theme sech regruppéieren. Dat wär jo dann eng gutt Geleeënheet,…

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- …fir déi zwou Saache mateneen ze maachen.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- L'union fait la force!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ass dat esou am Sënn vun der Chamber?

(Assentiment)

Majo, da géife mer dat esou maachen. An ech géif bieden, fir déi Motioun dann elo ze verdeelen.

Mir géifen dann direkt zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour kommen, dem Projet de loi 6689, e Reglement iwwert d'Produits biocides. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Gérard Anzia.

3. 6689 - Projet de loi

a) concernant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) n°528/2012 du Parlement européen et du Conseil du 22 mai 2012 concernant la mise à disposition sur le marché et l'utilisation des produits biocides;

b) relative à l'enregistrement de fabricants et de vendeurs;

c) abrogeant la loi modifiée du 24 décembre 2002 relative aux produits biocides

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Gérard Anzia *(déi gréng), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Précautioun, d'Kontroll, d'Dokumentatioun an zum Schluss d'Sanktioun, dat ass de roude Fuedem, dee sech duerch de Projet de loi 6689 zu de Bioziden zitt.

Fir d'Éischt zu der legislativer Prozedur, zu deem Deel: De Projet de loi ass déposéiert ginn an der Chamber den 9. Mee 2014 duerch eis Ëmweltministesch. De Conseil d'État huet säin Avis ofginn den 10. März 2015. Den Avis vun der Chambre des Salariés ass den 29. Abrëll 2014 erakomm, dee vun der Chambre de Commerce den 9. September 2014, dee vun der Chambre des Métiers de 27. Oktober 2014 an dee vun der Chambre d'Agriculture den 18. März 2015. Den 1. Abrëll, an dat ass kee Geck, huet d'Commission de l'Environnement mech als Rapporteur dunn nominéiert an dëse Projet de loi dann ënnersicht.

An enger Reunioun vum 29. Abrëll 2015 hu mer den Avis vum Conseil d'État weider ënnersicht an eng Partie Amendementer zu dem Projet de loi formuléiert. Den Avis complémentaire vum Conseil d'État ass den 30. Juni 2015 erakomm. An och d'Avis complémentaires vun der Chambre des Salariés, Chambre de Commerce sinn de 6. Mee respektiv den 19. Mee datselwecht Joer erakomm.

D'Ëmweltkommissioun huet den Avis complémentaire vum Conseil d'État ënnersicht an de Projet de loi an där virleiender Form adaptéiert an de Rapport, deen der virleien hutt, ugeholl den 8. Juli 2015.

Niewebäi sief awer bemierkt, dass dat europäescht Reglement, dat heimat an d'national Gesetzgebung ëmgesat gëtt, u sech säit dem 1. September 2013 schonn Applikatioun huet.

Ëm wat geet et an dësem Projet de loi? D'Bioziden, dat si chemesch Produkter, fir eben da schiedlech Organismen ëm den Eck ze brëngen, sief et Parasitte wéi Nager oder Insekten oder Mikroorganismen, sief et Schimmel, Bakterien an Ähnleches. Dat kënnen awer och Désinfectante sinn, Insectifugë sinn, Produits chimiques, déi an der Industrie agesat ginn oder am Haushalt. Dat kënnen och Faarwe sinn, déi eben da kee Knascht unhuelen. Et ass also eng ganz Villfalt vu Produkter an awer och vu Produits finis, déi mat esou Produkter traitéiert sinn, wéi eben och am Beräich vun der Préservatioun vum Holz, als Beispill genannt.

Biozide sinn also och Pestiziden, awer mat engem speziellen Uwendungsberäich, deen eben dann net dem Planzeschutz déngt. Et sinn an der Mehrzahl chemesch Produkter, also och gëfteg Stoffer. An dofir gëllt et, déi ze reglementéieren, an och d'Iddi vun der Précautioun muss an dësem Projet de loi eben dann héichgehale ginn.

Wat gëtt hei ëmgesat? Ma, dat europäescht Reglement 528 aus dem Joer 2012, wou dann eng Kéier d'Harmoniséierung vun de Regele festgehale gëtt op europäeschem Niveau, wat dann eben eng Kéier d'Mise sur le marché ugeet vun dëse Produkter an och d'Notzung vun de Bioziden. Et geet drëm, en héijen Ni-

veau an der Protektioun natierlech ze erreechen, souwuel fir Mënsch wéi Déier an och Ëmwelt.

Ech huele just e puer Punkten eraus, déi aner Detailer sinn a mengem schréftleche Rapport erëmzefannen. Et geet also ëm de Principe de précaution, deen eis ëmmer soll guidéieren, fir dass souwuel d'Hierstellung wéi eben och d'Mise sur le marché vun dëse Produkter keng schiedlech Aflëss hunn op Mënsch an Ëmwelt.

Déi zweet Saach: Et geet drëm, dës Produkter ze kontrolléieren, net nëmmen d'Biozide selwer ze kontrolléieren, mä och déi fäerdeg oder halleffäerdeg Produkter ze kontrolléieren, déi domat traitéiert gi sinn. Dofir gëtt dann e Registre vun de Produits biocides gefouert, deen och dann Informatioune fir de Public, Utilisateur ebe kann zur Verfügung stellen.

Da gëtt och festgeluecht, wat d'Redevancë sinn, fir dass u sech Biozide kënnen um Maart zougelooss ginn. An et gëtt festgeluecht, wat dann och d'Sanktioune sinn, wann ee géint dat Regelwierk hei verstéisst.

Natierlech, wéi ëmmer, regrettéiere mer och an der Ëmweltkommissioun, dass dëst européischt Reglement eben esou spéit an d'national Gesetzgebung ëmgesat elo soll ginn, wuel wëssend, dass déi schonn awer d'application ass vum 1. September 2013 un.

Ech gi ganz kuerz op verschidden Avisen a vun de Chamberen, awer just do, wou eng relevant Remarque da war. De Rescht fannt Der, wéi gesot, a mengem schréftleche Rapport.

Am Avis vun der Chambre des Métiers fënnt een eng Kéier erëm, dass se opwerfen, dass soll en «service de conseil semblable» wéi en eben am Beräich REACH ass, gemaach ginn. Dobäi sief awer och elo gesot, dass och eng Konnexioun besteet zu dem Ministère, deen d'Santé ënner sech huet, fir eben Informatioune prett ze hunn, och am Cas, wou u sech eng Urgence wär, wann u sech ee mat de Biozide géif a Kontakt kommen, se géif verschlécken, wou och d'Mesures préventives a curatives dann och géifen dra festgehale ginn.

Am Avis vun der Chambre d'Agriculture gëtt bemängelt, dass u sech ee Volet, deen e Parallelismus géif zu dem Pestizidegesetz opbauen, dee vun der Formatioun souwuel fir de Vendeur wéi fir deen, deen en applizéiert, géif feelen. Do sief higewisen eben op déi Informatiounen an der Datebank, déi een do erëmfënnt zu der Applikatioun, respektiv d'Mesures préventives, wann een déi Produiten notzt respektiv ausbréngt.

Dann hu mer natierlech awer och, wat ech elo iwwersprongen hat, den Avis vum Conseil d'État. Mir haten zwou Opposition-formellen, deene Rechnung gedroe ginn ass an dësem Text, deen Iech elo hei virläit, soudass een op déi Opposition-formellen och elo net méi dierft treffen.

Dann dat Lescht, wat ech wëll awer heizou soen, ass, dass eben dëse Projet de loi nach complétéiert gëtt duerch zwee Règlements grand-ducaux, eng Kéier, wat d'Redevancen ugeet vun den Traitementer en matière de produits biocides, an och eng Kéier, wat déi Kategorien ugeet vun den Notzer vun de Produits biocides.

Wéi gesot, den Detail fannt Der a mengem schréftleche Rapport. Ech géif dozou also just nach eng Kéier op mäin Ufankssaz zréckkommen, also d'Précautioun, de Contrôle an d'Dokumentatioun vun dëse gréisstendeels toxesche chemesche Produkter an zum Schluss eben d'Sanktioun: Dat ass e roude Fuedem, vun deem ech mengen, dass en eis ëmmer a Gesetzer, déi den Ëmweltberäich respektiv geféierlech Stoffer betreffen, soll guidéieren. An dofir kritt dëse Projet de loi och d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet elo direkt den éischten ageschriwwene Riedner, den Här Laurent Zeimet.

Discussion générale

M. Laurent Zeimet *(CSV)*.- Merci, Här President. Wéi de Rapporteur erkläert huet, geet et bei dësem Projet ëm verschidden Applikatiounsmodalitéiten a Sanktiounen am Kader vum Reglement iwwert de Marché vu Biozidproduiten, e Reglement, wat direkt applikabel ass a schonn zanter dem 1. September 2013 a Vigueur ass.

D'Regele sinn am Europaparlament breet approuvéiert ginn. An d'Reglement ersetzt d'Direktiv vun 1998, déi dann och konsequenterweis mat dësem Projet de loi ofgeschaaft gëtt. Also, e schaaft dat Gesetz of, wat d'Direktiv dann ëmgesat huet an eist Recht.

D'Reglement soll eng méi harmoniséiert Prozedur, fir Biozidwierkstoffer ze autoriséieren, bréngen. Virdru konnten déi Autorisatiounen zwar an deene verschiddene Staten unerkannt ginn, mä et gouf keng eenheetlech, keng gemeinsam Prozedur. Dat soll sech da mam Reglement verbesseren. An doduerch soll dann och manner bürokrateschen Opwand entstoen.

Vun dësem Reglement gëtt sech eng besser Protektioun vun de Konsumenten erwaart, an dat net zulescht och duerch eng entspriechend Etikettéierung. Et gëtt sech awer och erwaart, datt de Marché méi fair gëtt, datt en och verbessert gëtt, andeems d'libre Circulation vun deene Produite méi einfach gëtt.

Well sech bis elo d'Akteuren net alleguerten un de Fraise bedeelegt hunn, also virum Reglement, dat heescht, datt ee konnt zwar Biozide autoriséiert hunn an awer Produiten domadder hiergestallt hunn, ouni sech un de Fraisen, un den Démarchen ze bedeelegen, fir eng Autorisatioun ze kréien, dat huet sech heimadder elo geännert a fir d'Akteuren natierlech och dee Moment verbessert.

Mat dësem Projet de loi gëtt dann, ech soen et nach eng Kéier, och definéiert, wien am Grand-Duché zoustänneg ass. Dat ass dann de Regierungsmember, deen d'Ëmwelt ënner sech huet, an domadder och déi Verwaltung, d'Ëmweltverwaltung, déi da muss aktiv ginn.

De Projet de loi gesäit och vir, datt d'Produzenten an d'Verkeefer sech mussen enregistréieren. Dat ass e Surplus zum Reglement. An dat war och dat, woumat de Statsrot Problemer hat, wou en eng Opposition formelle gemaach hat, soudatt mer dat dann hu mussen e bëssen aneschters formuléieren, fir et awer an d'Gesetz eranzehuelen.

Heizou koumen och Remarquen, ënner anerem vun der Landwirtschaftskummer, déi sech gefrot huet, ob et net ubruecht wier, datt dann awer och déi Verkeefer a Produzente missten déiselwecht Formatiounskonditiounen erfëllen, wéi dat geregelt ass am Gesetz iwwert déi phytopharmazeutesch Produiten. An der grousser Famill vun de Biozide falen dës och dorënner, ënner anerem dann och d'Pestiziden, hunn also en ähnlecht Risikopotenzial wéi déi fir d'Gesondheet vun de Leit an och fir d'Ëmwelt.

D'Landwirtschaftskummer seet zwar och, datt se déi Konditiounen 2014 liicht iwwerdriwwe fënnt, mä trotzdeem bleift hei d'Fro un den Här Statssekretär, ob en eis kéint soen, wéi een dann déi Formatiounskonditioune kéint méi no beieneebréngen, fir dat da besser ofzestëmmen, ob een do e bësse méi Kohärenz vläicht kéint erreechen.

An op där anerer Säit vläicht och, Här Statssekretär, eng Informatioun doriwwer, wéi wäit oder wéi grouss den Impakt elo vum Reglement op eise klenge Grand-Duché ass.

Dat gesot, wëll ech net vergiessen, dem Rapporteur Merci ze soe fir säi schréftlechen a säi mëndleche Rapport. An da sinn ech frou, gleeft mer et, den Accord vun der CSV-Fraktioun ze ginn. An ech wënschen Iech alleguerten e schéine Summer.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Zeimet. An d'Wuert huet direkt de Roger Negri.

M. Roger Negri *(LSAP)*.- Jo, villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt wëll ech dem Rapporteur Gérard Anzia e grousse Merci soe fir säin exzellente Rapport. Ech mengen, hien a mäi Virriedner hunn dat Meescht gesot.

Ech wëll just nach eng Kéier drun erënneren, dass hei déi Bioziden, dass dat och e Pestizid ass aus där Grupp zwar vun de Phytopharmaceutiquen, dat heescht Onkrautbekämpfungsmëttel, wou mer jo elo gesinn hunn och virun e puer Wochen, dass déi aus verschiddene Geschäfter erausgezu ginn, wat de Beweis ass, dass et sech hei ëm toxesch Mëttel handelt. A bei de Bioziden, wat jo haaptsächlech dann och zum Beispill Insektebekämpfungsmëttel sinn, wat mer alleguerten am Gebrauch hunn, ass et dofir wichteg, dass mer hei festhalen, dass mer nom Principe de précaution virginn, dat heescht eng virsiichteg Approche hunn.

An domadder géif ech dann och den Accord vun eiser Fraktioun ginn. Villmools Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Negri. Dann huet d'Wuert den Här Max Hahn.

M. Max Hahn *(DP)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, elo schwätze mer scho bal eng Véierelstonn laang iwwer Bioziden. Wat sinn eigentlech Bioziden? „Bioziden", wéi den Numm et seet, „Bios" kënnt aus dem Griicheschen an heescht Liewen, an „caedere" heescht op Latäin doutmaachen. E Biozid ass also eppes, wat Liewen zerstéiert. Et ass deemno eppes Geféierleches, jo, souguer eppes Gëfteges. A genau dat erkläert, wéisou mer eigentlech haut doriwwer schwätzen a wéisou och d'Europäescht Parlament sech heimat beschäftegt huet a wéisou mer fir esou Produite kloer Regele brauchen.

Als Gesetzgeber sti mir nämlech an der Verantwortung, fir derfir ze suergen, éischtens, dass keng Bioziden op de Maart kommen, déi den Normen net entspriechen, an zweetens, dass déi Bioziden, déi d'Normen erfëllen, och esou ugewannt ginn, dass keng Gefor fir Mënsch, Déier oder Ëmwelt opkënnt. Dat si mir zum engen de Konsumente schëlleg, awer zum aneren och deene professionellen Notzer, déi esou Produiten dagdeeglech benotzen. Dat däerf och fir si selbstverständlech keng Gefor duerstellen.

Här President, ech si frou kënnen ze soen, dass d'Gemeng Dippech, d'Gemeng, wou ech hier sinn,…

(Brouhaha général)

Här President, ech si frou, dass d'Gemeng Dippech zënter dräi Woche pestizidfräi Gemeng ass.

Plusieurs voix.- Aah! Très bien!

Une voix.- Bravo!

(Interruptions diverses et brouhaha)

M. Max Hahn *(DP)*.- Witzegerweis ass deemools an enger Informatiounsversammlung d'Fro gestallt ginn, wat den Ënnerscheed tëschent Bioziden…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Sou, mir lauschteren elo erëm dem Här Hahn no,…

Plusieurs voix.- Jo!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- … deen ech drun erënneren, dass mer an der Chamber sinn.

(Brouhaha)

M. Max Hahn *(DP)*.- Firwat ech dat gesot hunn, ass, dass witzegerweis an enger Informatiounsversammlung, déi mer am Kader vu pestizidfräie Gemengen organiséiert hunn, d'Fro opkomm ass, wat den Ënnerscheed tëschent Pestiziden a Biozide wier. D'Äntwert ass relativ einfach: Am Fong si béides Bioziden. Et ënnerscheet ee se trotzdeem. Et schwätzt ee generell vu Bioziden, wann ee se am Haus uwennt. An et schwätzt ee vu Pestiziden, wann de Bauer, de Wënzer oder de Geméisgäertner se op sengem Feld, a sengem Wéngert oder a senger Zär benotzt.

Iwwert de richtegen Ëmgang mat de Pestiziden hu mer hei an der Chamber am Dezember 2014 diskutéiert. Elo stëmme mer ee Gesetz, wat sech op d'Biozide beschränkt. D'Zil ass awer am Fong datselwecht: Mir wëlle sécherstellen, dass duerch d'Benotze vun deene Produite weder Mënsch nach Ëmwelt Schued zougefouert gëtt. Dofir däerfe keng Bioziden op de Maart kommen, déi net konform sinn. An et muss ee festleeën, wéi ee mat esou Produiten ëmgeet. Net autoriséiert Bioziden, mä och den Import vu Produiten, déi mat Biozide behandelt goufen, déi an der EU net zougelooss sinn, däerfe bei eis net méi benotzt ginn. An ech soen Iech: Dat ass och gutt esou!

Här President, d'Biozide si geféierlech Chemikalien oder Mikroorganismen. Ee Biozid, deen déi Meescht vun Iech vun doheem kennen, ass de Javel. Et kritt ee sécherlech all Fleck domat ewech, mä jiddweree weess oder misst am Fong wëssen, dass een dee Produit net anootme soll an dass een am Prinzip, wann een esou Produite benotzt, och Händsche soll droen.

Aner Beispiller vu Biozide sinn Desinfektiounsmëttel fir d'Waasser, fir d'Biedem, fir d'Schwämmen, d'Aarbechtsflächen oder och d'Toiletten. Ma och Schutzmëttel fir Holz, Plastik oder Mauere si Bioziden. An da gëtt et nach Bioziden, déi agesat ginn, fir Ongezifer doutzemaachen, wéi zum Beispill Rategëft, Gëft géint Matten, Holzwierm, Mais, oder och Produite géint Schimmelpilz.

Biozide sinn also chemesch Substanzen, déi meeschtens toxesch sinn. D'Hiersteller vu Biozide ginn dofir och verflicht, déi Produiten als solches ze kennzeechnen. Dir kennt alleguerten d'Etikette mam Doudekapp drop. Fréier war dat en EU-wäit eenheetleche System. Dat waren déi rechteckeg orange Symboler. Mëttlerweil an neierdéngs hu mer e weltwäit eenheetleche System. Dat sinn déi rauteförmeg a routëmmantelt Symboler.

Här President, ech mengen, dass dëst Gesetz wichteg ass fir e bessere Schutz vun Natur a Mënsch. Nodeems mir d'Gesetz iwwert d'Pestizide jo am Dezember 2014 gestëmmt hunn, ass dëst Gesetz iwwert d'Bioziden déi logesch Konsequenz.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren, géif dem Rapporteur Gérard Anzia Merci soe fir säi gudde schréftlechen a mëndleche Rapport a ginn heimat den Accord vun der Fraktioun vun der DP.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Hahn! An dann huet d'Wuert den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, ech kann de politeschen, juristeschen an och techneschen Deel vun den Ausféierungen elo méi kuerz faassen a kommen direkt op e puer Suergen, déi mir als ADR am Kontext vun dësem Gesetz awer hunn. Mä ier ech meng Suerge lassginn, wëll ech awer dem Här Anzia Merci soe fir de Rapport. Dat ass eng wichteg Héiflechkeetsaufgab, déi ech op kee Fall wéilt mëssen.

Dat Reglement, dat mer elo hei unhuelen, ass erëm eng Kéier e Beispill vun enger schlechter legislativer Technik um européischen Niveau. Mir hunn dat ganz dacks hei gesot, datt normalerweis jo e Reglement directement applicable ass, datt et obligatoresch ass an de portée générale a keng Ëmsetzung méi brauch, wann et gutt gemaach ass, contrairement zu der Direktiv. Normalerweis misst also, wann elo hei national Ëmsetzungsmodalitéiten nach néideg sinn, dat iwwert de Wee vun der Direktiv gemaach ginn an net iwwert de Wee vum Reglement.

Mä wat de Fong ugeet, si mir als ADR selbstverständlech mat dem Sënn vun dësem Rechtsakt d'accord. Mir freeën eis driwwer, datt d'Bioziden och an dësem Rechtsakt geregelt ginn an och den Zougang zum Marché geregelt gëtt.

Mir hunn awer eng Rei vu Froen. Fir d'Éischt ass jo awer de Sënn vun der Ëmsetzung vum Reglement, wann et dann iwwerhaapt soll gemaach ginn, datt européisch eenheetlech eben hei den Zougang zum Marché gehandhaabt gëtt. Et ass also net hei, wou sollen zousätzlech Rechtsregelen agebaut ginn. Dat ass awer probéiert ginn. An de Statsrot huet jo och do protestéiert. An dunn ass einfach den Titel geännert ginn, fir et awer méiglech ze maachen. An zwar ass et ëm eng Lëscht gaange vu Fabrikanten a Vendeuren, wat jo an där Form net am Reglement virgesi war, wat also hei zousätzlech gemaach gouf.

Wann awer esou Lëschten opgestallt ginn, da freet ee sech natierlech: Wéi ginn déi gehandhaabt? A wat heesche se konkret? Genausou wéi mer eis froen, wéi wäit déi Dispositiounen am Artikel 1 Absatz 4 ginn, wou steet: «Le ministre est habilité à demander la production de toute information», an esou weider, «qui peut servir aux fins de la surveillance du marché.» Och dat ass e ganz allgemengt Mandat. A mir froen eis, wéi wäit dat geet. A mir hätten nawell gär gesinn, datt do awer Prezisiounen an och Garantië wieren, wann een esou eng wäitreechend Dispositioun trëfft.

Deen zweete Souci, dee mer hunn, dat ass deen, deen och vum Statsrot opgeworf gouf, datt mer ëmmer méi Beamten - an och an dësem Gesetz erëm - Funktioune vum Officier de police judiciaire ginn. De Statsrot huet dat scho bei der REACH-Direktiv - oder e Reglement war et - och beanstant, well e gesot huet, mir hätten hei e Foisonnement vun esou polizeilechen Aufgaben an der Fonction publique. Ëmmer méi Beamten hunn esou Aufgaben, déi u sech net dofir forméiert sinn, déi och d'Preuven net kënne recueilléieren, déi net ausgebilt sinn, net déi Beruffserfahrung hunn, net déi Strukturen hunn, fir dat kënnen effikass ze maachen. An de Statsrot seet dann och, mir hätten an der Vergaangenheet scho Problemer gehat - déi vläicht da manner schlëmm waren, well mer e puer Corpsen haten, déi domadder befaasst gi sinn. Elo hu mer d'Police, mir hunn d'Douane, mir hunn d'Ëmweltverwaltung an esou virun. An ech mengen, dat ass eng Tendenz, déi mer sollten am Interessi vun engem korrekten Exercice vum Rechtsstat awer bremsen.

Eng drëtt Considératioun, déi mer hunn - an dat ass och eng Suerg, ech géif soen, et ass eng typesch Suerg fir d'ADR, awer eng wichteg -, dat ass de Sproocheregime. An dësem Gesetz gëtt e Sproocheregime festgeluecht, wou gesot gëtt: Hei am Land, fir d'Applikatioun hei vun dësem Reglement gëtt et zwou offiziell Sproochen, Däitsch a Franséisch. Dat ass dat eigentlech, wat mir als ADR… An Englesch kann zougelooss ginn, ënner bestëmmte Konditioune gëtt och Englesch toleréiert.

Mir hunn awer ëmmer gesot, datt mir gär eng Stäerkung vum Lëtzebuergeschen och op européischem Niveau hätten, no den Dispositiounen, déi 2005 vereinbart goufen. A symbolesch wär et och wichteg gewiescht, fir wéinstens Lëtzebuergesch zouzeloossen, och wann et net am européische Reglement tel quel virgesinn

ass, mä mat den Dispositioune vun 2005 hätt jo keen e Schued dovu gehat.

Mä wat mer am Ableck elo hunn, wéi Dir oder hei d'Regierung eis dëse Projet de loi proposéiert, ass et esou, datt theoretesch, wann een elo géif op Lëtzebuergesch wëllen e Produit virstellen, aus Grënn vun der Héiflechkeet géintiwwer der lëtzebuergescher Clientèle, oder wat och ëmmer, datt ee sech géif stroffälleg maachen, no den Dispositioune vum selwechte Gesetz, déi Strofe virgesinn - den Artikel 12 (1) -, wann een déi Sproochendispositiounen aus dem Gesetz net respektéiert.

Mir wëllen hei symbolesch nach eng Kéier ganz kloer ënnersträichen, datt fir eis et net geet, datt zu Lëtzebuerg e Gesetz gestëmmt gëtt, an deem Lëtzebuergesch d'office exclu ass a souguer eng Strof drop läit, wann ee géif hei d'Nationalsprooch benotzen. Dat geet an eisen Aen net!

An dofir wäerte mir och dëst Gesetz net matstëmmen. Wéi gesot, mir si ganz d'accord mat der Bekämpfung oder der Reglementéierung vun de Bioziden no alle méigleche Sécherheetsan ethesche Kritären, awer mir hätte gär de Respekt vum Rechtsstat, de Respekt virun eiser Lëtzebuerger Sprooch. An do gi mir net dervun erof!

Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Très bien!

M. Roy Reding *(ADR).-* Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci dem Här Kartheiser. Nächste Riedner ass den David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).-* Merci, Här President. Mir hu keng prinzipiell Awänn géint dee Projet de loi a wäerten deen och mat votéieren.

Am Géigesaz zu der Chambre de Commerce begréisse mir och d'Tatsaach, datt de klengen a mëttlere Betriber an deem Gesetzesprojet gewëssen Erliichterungen ageraumt ginn. Mir fannen, datt een de PMEen och a villen anere Beräicher misst Virdeeler erméiglechen, ënner anerem well si jo, contrairement zu de Multien, an der Regel hir Steiere bezuelen.

D'europäescht Reglement selwer, dat jo schonn a Kraaft ass, bréngt eng Rei vu Verbesserunge mat sech. Eng Ännerung, nämlech d'Méiglechkeet, eng Zouloossung vun engem Produit op europäeschem Plang unzefroen, déi dann automatesch fir de gesamten europäesche Marché gëllt, gesi mir allerdéngs mat gemëschte Gefiller. Mä op den éischte Bléck mécht dat duerchaus Sënn, fir d'Prozeduren ze vereinfachen.

Allerdéngs bréngt dat och mat sech, datt déi grouss chemesch Betriber hir Lobbyaarbecht just nach op enger Plaz brauchen ze konzentréieren, well domadder de System vun der géigesäiteger Unerkennung ëmgaange gëtt. Déi chemesch Industrie ass jo souwisou och fir hir relativ aggressiv Lobbyaarbecht bekannt. An do kann een also duerchaus fäerten, datt net ausschliisslech gesondheetlech oder ëmweltpolitesch Considératiounen an esou eng Décisioun afléissen.

Op nationalem Niveau schéngt et ons am Kader vun dësem Projet de loi och nach wichteg, déi privat Konsumenten an déi Richtung ze sensibiliséieren, datt se esou mann wéi méiglech Biozide solle benotzen. Géint Schädlinge gëtt et duerchaus mechanesch oder biologesch Léisungen. Et soll een am Haushalt also net direkt op chemesch Produkter zréckgräifen. An déi Richtung muss een d'Leit dann och konsequent opkläre.

Erlaabt mer awer och nach, Här President, bei dëser Geleeënheet nach kuerz op eng Saach anzegoen, déi u sech näischt mat deem Projet de loi ze dinn huet, mä déi Saach mat dem Glyphosat: Dobäi handelt et sech jo net ëm e Biozid, mä ëm e Planzeschutzmëttel, wat jo enger anerer Reglementatioun ënnerläit. Mä et läit jo awer trotzdeem no un dëser Thematik drun.

De Glyphosat ass jo e Wierkstoff, deen a Planzeschutzmëttelen agesat gëtt. An do kenne mer jo och dee berühmten „Roundup" vu Monsanto, dee mëttlerweil vun der OMS als wahrscheinlech kriibserreegend agestuuft gouf. Am Mäerz vun dësem Joer haten och verschidden Deputéiert, dorënner de Justin Turpel, d'Madame Lorsché an och den Här Kox, dozou eng Question parlementaire gestallt. D'Fro war, ob d'Regierung net gedenkt, dee Wierkstoff ze verbidden. An als Antwert krute mer, datt d'Regierung d'Sensibiliséierung am Ëmgang mat deene Produkter fir vill méi effikass géif hale wéi e Verbuet.

An do musse mer soen, datt mer déi Argumentatioun net ganz gutt novollzéien. D'Sensibiliséierung am Ëmgang mat kriibserreegende Mëttelen ass wichteg. Natierlech, ob se méi effikass soll si wéi e Verbuet, dat schéngt eis net ganz logesch. Déi Logik kéint ee jo och op den Trafic applizéieren an de Leit erklären: „Passt op, briedert net mat 120 duerch eng Uertschaft, dat ass net ganz gesond!" Ech mengen, de Verbuet ass e bësse méi effikass. An d'Kontrollen och!

(Interruption)

Iwwert d'Zigarette misst een och nach diskutéieren. Mä do sinn ech befaangen.

(Hilarité)

Bemierkenswäert ass jo, datt d'Regierung, déi schlussendlech responsabel ass fir d'Protektioun vun der Santé an der Ëmwelt hei am Land, mëttlerweil op där Fro vu privaten Handelsketten dann och iwwerholl ginn ass. Do hunn der jo déi Produkter preventiv aus hire Rayonen erausgeholl. Et gouf gesot, dat wier natierlech och en Erfolleg vun der Sensibiliséierungscampagne vun der Regierung. Dat mag duerchaus de Fall sinn, mä et muss een awer feststellen, datt dat awer éischter esou geschitt ass. Bon!

Mir ginn dovunner aus, datt d'Madame Dieschbourg, vertratt och duerch de Statssekretär Gira, héchstwahrscheinlech och an déi Richtung wéilt goen. Wahrscheinlech huet et och domadder ze dinn, datt ee sech an enger Koalitioun muss duerchsetzen.

(Interruption)

An dat ass vläicht net ëmmer esou einfach.

Ech soen lech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Wagner. An d'Wuert huet elo de Statssekretär am Nohaltegkeets- an Infrastrukturministère, de Camille Gira.

Prise de position du Gouvernement

M. Camille Gira, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.-* Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur huet esou e gudden an ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport gemaach, dass ech iwwert de Fong vum Gesetz net méi ganz vill brauch ze soen. Merci un hien, Merci awer och un déi grouss Majoritéit vun den Deputéierten, déi, wann ech richteg verstanen hunn, dëse Projet wäert stëmmen.

Eng Rei Froen, déi opgeworf si ginn, gi mer awer d'Geleeënheet, fir Saachen ze preziséieren. De Projet de loi hei ass net iwwert d'Utilisatioun vun de Bioziden. Et ass just d'Mise sur le marché. An deem Sënn ass dem Här Zeimet seng Fro eigentlech scho beäntwert, dass mer bei de Bioziden nach net esou wäit si wéi bei de Pestiziden, wou eigentlech ganz kloer Saache virgeschriwwe sinn, wéi ech domat ëmginn.

Et ass awer esou, dass op europäeschem Niveau geplangt ass, no dësem Reglement eng Kéier e Reglement kommen ze loossen, wou dann och iwwert d'Utilisatioun geschwat wäert ginn. An dann ass et evident, dass mer dat an enkem Kontakt mam Landwirtschaftsministère kucken, wou mer souwisou och agebonne sinn an de Plan «Pesticides». Do ass seng Remarque awer an deem Sënn pertinent, dass een eng Kéier, wann ee scho vu Formatioune schwätzt, da selbstverständlech déi zwou Zorte vu Produite ka matabannen.

Dem Här Zeimet seng Fro, wat elo d'Implikatioun fir Lëtzebuerg ass, kann ech net aschätzen. Ech weess net, ob elo Bayer, BASF elo a ganz Europa d'Taxe kucken an da vläicht eng Rei Bioziden hei wäerten umellen.

Ech kann him awer soen, dass ech ganz frou sinn, dass mer dat Gesetz haut stëmmen, well mer zënter dem September 2013, wou dat europäescht Reglement eigentlech schonn europawäit a Kraaft ass, an enger net glécklecher Situatioun waren an theoretesch e Schlupflach zu Lëtzebuerg haten, well mer net kloer definéiert haten, wien d'Autorité compétente wier, a well mer virun allem keng Taxe festgeluecht hu fir d'Mise sur le marché.

Mengen Informatiounen aus der Verwaltung no schéngt keen dat gemierkt ze hunn a ganz Europa. Op jidde Fall si mer - glécklecherweis, muss ech soen - net iwwerrannt gi mat Demandë fir eng Mise sur le marché, well soss weess ech net, wat mer vu Personal hätte missen astellen a wat dat eis alles kascht hätt. A well mer bis haut, bis zum Vote vun deem Gesetz, keng Tax haten, hätte mer dat awer nach alles misse selwer bezuelen. An deem Sënn gëtt dat hei elo virun allem Rechtssécherheet a setzt eis endlech op den Niveau vun deenen aneren europäesche Länner.

Dann nach vläicht kuerz zu de Remarquë vun der ADR. Ech mengen, dass deen Artikel 1 (4) awer berechtegt ass. Wann een de Principe de précaution wëllt uwennen, da muss ee jo och d'Méiglechkeet hunn, all méiglech Informatiounen ze froen. Ech mengen net, dass mer do wäerten iwwerdreiwen. Ech bleiwen och derbäi, dass mer, mengen ech, zwar elo eng Legislatioun hunn, mä dass mer net iwwerrannt wäerte gi vun internationale Firmen, fir hei unzemellen. Ech mengen, déi hunn hir Habituden, déi hunn hir Kanäl an hire Länner. An ech mengen net, dass Bayer vu Ludwigshafen erop op Lëtzebuerg kënnt, fir dat hei ze maachen. An deem Sënn ass dat net esou dramatesch.

Zu den OPJen. Mir kennen déi Remarque vum Statsrot, déi ass scho jorelaang. Ech kann lech awer och soen, wann een awer weess, mat wivill Aarbecht dass d'Police konfrontéiert ass a wann een héiert, dass trotz groussen Opstockungen awer nach ëmmer Problemer sinn, fir dass d'Police hir primär Aufgabe ka maachen, ass et awer net schlecht, wann do dernieft eng Rei aner Verwaltungen awer och bei speziellen Dossiere wéi deem heiten, mengen ech, wou och a priori elo e Polizist net de Spezialist ass, d'Méiglechkeet kréien, déi Funktioun auszeüben.

An Dir hutt jo och gesinn, dass dann am Gesetz steet, dass déi Leit aus eventuell eiser Verwaltung oder aus enger Douane, déi dann och wëllen déi Funktioun ausüben, dass déi dann och wierklech eng spezifesch Formatioun musse maachen, fir dass se awer och, wann et drop ukënnt, dat kënne maachen.

Dann zu de Sproochen: Also, ech géif lech gären à témoin huelen, léiwe Vertrieder vun der ADR, wa mer déi héich technesch Produiten, déi en normale Mënsch emol einfach esou net iwwert d'Lëpse kritt, wa mer déi elo alleguerte missten op Lëtzebuergesch iwwersetzen, dann huelen ech lech awer à défi an da schécke mer lech eng Rei vu Produiten, da gitt Der mer déi Lëtzebuerger Iwwersetzung dozou. Ech mengen, Ären Asaz fir d'Lëtzebuerger Sprooch an Ëieren, mä dreift et net ze wäit. Ech mengen, mir wëssen, dass déi Saachen do souwisou net op Lëtzebuergesch ze iwwersetze sinn.

(Interruption)

An nach eng Kéier, ech wëll nach eng Kéier betounen, dass mer vun der Mise sur le marché schwätzen an net vun der Verdeelung.

Ofschléissend sinn ech dann awer och ganz frou iwwert déi Fro vum Vertrieder vun déi Lénk zum Glyphosat. Hien huet et selwer gesot, et ass eigentlech e Produit, deen net ënnert déi hei Gesetzgebung fält, nach stelle sech eng Rei Froen. An ech wëll awer soen, dass et net gradesou einfach ass, wéi den Intervenant dat duergestallt huet.

Souguer wa mir wéilten dee Produit generell verbidden, sou geet dat guer net. Do huet weder de Lëtzebuerger Landwirtschaftsminister nach d'Lëtzebuerger Gesondheetsministesch nach d'Lëtzebuerger Ëmweltministesch iwwerhaapt eng Kompetenz. Déi allgemeng Zouloossung vu Pestizide geschitt op europäeschem Niveau. An déi Responsabilitéit, déi mir um nationale Plang hunn, dat ass, wa ganz kloer gëtt, dass Inzidenze vun zougeloossene Produiten op déi eng oder aner Ëmweltaspekter oder op d'Gesondheet vum Mënsch ufänken, Wierkungen dobaussen ze weisen. Da muss een an da kann een och punktuell agräifen.

Dat, wat Dir verlaangt, ass e bëssen d'selwecht, wéi wann ee muer den Diesel géif verbidden. Dir hutt vläicht matkritt, dass déiselwecht Institutioun, déi Verdachter ausgeschwat huet, dass Glyphosat kéint kriibserreegend sinn, an notamment fir déi, déi dermat ëmginn… Ech mengen, déi, déi am meeschte betraff hei vun deem Problem sinn, dat si wierklech d'Leit aus der Landwirtschaft. An ech mengen, déi hätten all Intérêt drun, et esou mann wéi méiglech ze notzen, well dat sinn déi Éischt, déi Kriibsgeforen hunn. Mä den Diesel ass ähnlech agestuuft wéi de Glyphosat. An ech mengen, et géif eis jo och muer net am Dram afalen, den Diesel weltwäit oder europawäit ze verbidden. An esou kënne mir dat och guer net maachen.

Wat ech lech awer ka garantéieren, ass, dass, wa mer muer géife feststellen, dass mer am Drénkwaasser iwwerhéichte Konzentratioune vum Glyphosat hätten, da géife mir am Ëmweltministère eis Responsabilitéite gradesou beim Glyphosat iwwerhuelen, wéi mer se beim Metolachlor a beim Metazachlor geholl hunn. Dat ass dee Beräich, wou d'Ëmweltministesch kompetent ass. Mir kucken d'Inzidenz vun de Pestiziden op d'Waasser. Dat ass deen eenzege Beräich, wou mir kompetent sinn. An ech kann lech garantéieren, wa mer Quelle sollte fannen, wou mer iwwerhéichte Konzentratioune fannen, wéi mer dat beim Metazachlor a beim Metolachlor schonn eng Rei Joren elo fonnt hunn, da wäerte mer do gradesou duerchgräifen.

Parallell, mengen ech, ass et awer absolutt noutwendeg, zesumme mam Landwirtschaftsministère ebe grad och am Plan d'action «Pesticides» derfir ze suergen, dass esou mann wéi méiglech Pestiziden insgesamt - ob se elo Glyphosat heeschen oder net - agesat ginn.

Wat ech lech awer och ka soen, wéi komplex déi ganz Matière vun de Pestiziden ass: Mech erënnert dat Ganzt e bëssen un den Tour de France an d'Dopingskontrollen. All Kéiers, wann d'UCI amstand ass, eng Rei Substanzen ze testen, da sinn d'Coureure längst schonn erëm e Produit méi wäit. Esou ass et ähnlech hei.

Ech kann lech verroden, dass, bis mir den Ëmweltministère a seng Verwaltung iwwerholl hunn, d'Regierung net capabel war, de Glyphosat nozemoossen. Mir hunn an der Tëschenzäit ganz grouss budgetär Efforte gemaach a mir sinn amgaangen, en Apparat ze kalibréieren. Et ka ganz gutt sinn, dass mer scho fir Enn des Joers oder spéitstens uganks d'nächst Joer och eng Campagne wäerte maachen, fir an allen Drénkwaasserquelle systematesch de Glyphosat ze préiwen. A wa mer do iwwert deenen Norme leien, déi Europa eis virschreift, da kënnt Der sécher sinn, dass mer am Ëmweltministère eis Responsabilitéit wéilten iwwerhuelen.

Fir de Rescht, Merci, dass de Projet esou séier duerch d'Chamber gaangen ass an dass mer déi Schlupflächer, déi mer theoretesch zumindest haten, dass mer déi heimadder zoumaachen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Statssekretär. Mir sinn um Enn vun eiser Diskussioun ukomm a mir kënnen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6689 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6689 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

59 Deputéierter hunn direkt oder indirekt um Vote deelgeholl: 56-mol Jo, 3-mol Neen.

Domat wär de Projet 6689 mat grousser Majoritéit ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6689 est adopté par 57 voix pour et 3 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Félix Eischen), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Serge Urbany (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

4. Ordre du jour

Wéi mer am Ufank vun der Sëtzung ofgemaach hunn a wann d'Chamber do dermat d'accord ass, géife mer elo d'Motioun, déi vum Henri Kox abruecht ginn ass, awer och d'Fro N°1290, déi vum Marco Schank gëschter abruecht ginn ass, vun där ech hei der Vollstännegkeet halber wëll soen, dass ech d'Urgence net unerkannt hunn, mä vu dass de Punkt awer sech elo iwwerschneit, selbstverständlech déi zwou Saachen zur Diskussioun bréngen.

Ech géif proposéieren, dass fir d'Éischt den Henri Kox, dann de Marco Schank an da jiddwereen, dee wëllt, zu der Motioun Stellung bezitt, an dann de Statssekretär zu deenen zwou Saachen.

Ass dat esou okay?

(Assentiment)

Merci. Dann huet den Henri Kox d'Wuert.